


5. Juni 2021 / 45

Wäert Moniteuren, Monitricen,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kollegen,

Lues a lues gesi mir als Lëtzebuerg a Saache Covid, nach bësse wäit, Liicht um Enn vum Tunnel. Als JFA hoffe mir, dass och, d.h. nom 13.06. 2021, a Saache Jugendaarbecht verschidden Lockerungen kommen a wäerte dann och Zäit-no dovunner Kenntnis kréien.



Vill Echo'en ginn och duerch Land, dass iwwerall schonns nees fläisseg a Saachen Wëssenstest geléiert resp. geschafft gëtt, wëll jo laang näischt konnt gemaach ginn. Eis Wëssenstest-Kommissioun hat sech nachmol den 18.05.2021 zesummen gesat a sinn nachmol iwwert Programm FIS I.1 resp. FIS I.2 gaangen.



Duerno gouf den Formular fir Jugendlech ugepasst a steet elo um Site vun de "Lëtzebuerger Jugendpompjeeën", d.h.
https://www.jugendpompjeeen.lu/wp-content/uploads/2021/05/202105_K5_5_Antrag-zur-Teilnahme-am-Wissenstest.pdf

Do wou praktesch geschafft gëtt, ass decidéiert ginn fir dëst an 2 ze deelen. Zousätzlech Infoen wäerten am nächsten JFA (14.06.2021) den Regionaljugendleeder matgedeelt ginn.

Nächst Wëssenstester wäerten den 19.06. (Wuermer) a 03.07. (Kielen) stattfannen. Och am Hierscht ass an all Regioun nachmol een Test virgesinn.

Mol-Concours → Denkt drun, dass den Délai bis den 30.06.2021 leeft. Merci fir Matmaachen.

**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

## INFO’EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach
→ Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

| 2021 | | |
|---|---|---|
| **Juni** | **26.06.** | **Larochette** |
| **Juli** | **24.07.** | **Clervaux** |
| **August** | **21.08.** | **Mamer** |
| **September** | **25.09.** | **Wasserbillig** |
| **Dezember** | **18.12.** | **Bascharage** |

Corps grand-ducal d’incendie et de secours
**NEWSLETTER CGDIS** → https://gd.lu/6b79gl

## Op de leeschten Stëppel:

15.05.2021 – Brandschutzléiergaang zu Réiser











# *Maach mat beim Molconcours vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën*

**Soll däin Bild op eisem**
**JFA-Jores-Kalenner oder**
**JFA-Remerciement-Kaarten sinn,**

**dann moolt eis e Bild, wat mat de**
**Pompjeeën ze dinn huet.**
**Wat maachen Pompjeeën**
**besonnesch?**



***Gréisst vum Bild sollt DIN A4 sinn.**
***Schreif op d'Récksäit vum Bild däin**
**Numm, däin CIS, däin Alter,**
**ewéi och vlt. eng Telefonsnummer oder**
**E-mail Adress**
**w.e.g. bis 30.06.2021**
**Flott Präiser wäerten säitens dem JFA**
**verdeelt ginn ☺**

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068